

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer, Vice-Président

Ordre du jour

- 1. 5490 - Projet de loi modifiant
 - la loi modifiée du 26 mai 1988 relative au placement des personnes atteintes de troubles mentaux dans des établissements ou services psychiatriques fermés;
 - la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;
 - la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 2. 5543 - Projet de loi portant interdiction de la vente de boissons alcooliques à des mineurs de seize ans

(Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 3. 5592 - Projet de loi portant approbation de la Convention de l'UNESCO sur la protection et la promotion de la diversité des expressions culturelles, faite à Paris, le 9 décembre 2005

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 4. 5586 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite (GNSS) à usage civil entre la Communauté européenne ainsi que ses États membres, et l'Ukraine, signé à Kiev, le 1er décembre 2005

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 5. 5604 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement des États-Unis du Mexique dans les domaines de l'éducation, de la culture, de la jeunesse et des sports, signé à Mexico, le 16 février 2006

(Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

- 6. 5572 - Projet de loi portant:
 - 1. transposition
 - de la directive 2001/40/CE du Conseil du 28 mai 2001 relative à la reconnaissance mutuelle des décisions d'éloignement des ressortissants de pays tiers;
 - de la directive 2001/51/CE du Conseil du 28 juin 2001 visant à compléter les dispositions de l'article 26 de la convention d'application de l'accord de Schengen du 14 juin 1985;
 - de la directive 2002/90/CE du Conseil du 28 novembre 2002 définissant l'aide à l'entrée, au transit et au séjour irréguliers;
 - de la directive 2004/82/CE du Conseil du 29 avril 2004 concernant l'obligation pour les transporteurs de communiquer les données relatives aux passagers;
 - 2. modification de la loi modifiée du 28 mars 1972 concernant
 - 1) l'entrée et le séjour des étrangers;
 - 2) le contrôle médical des étrangers;
 - 3) l'emploi de la main-d'oeuvre étrangère

(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Mars Di Bartolomeo, Ministre; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

D'Regierung kann eis net gutt eng Kommunikatioun maachen, well se bis de Moment net vertrueden ass.

Dofir fänke mir dann direkt u mat eisem Ordre du jour:

Fir d'éischt de Projet de loi 5490 iwwert de Placement vu mental gestéierte Mënschen an zouenen Anstalten. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet elo d'Rapporteurice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol. Madame Dall'Agnol!



- 1. 5490 - Projet de loi modifiant
 - la loi modifiée du 26 mai 1988 relative au placement des personnes atteintes de troubles mentaux dans des établissements ou services psychiatriques fermés;
 - la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

- la loi communale modifiée du 13 décembre 1988

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Projet de loi 5490 sollen en fait dräi Gesetzter geännert ginn, nämlech d'Gesetz vun '88 concernant de Placement vu geeschteg gestéierte Persounen an zouene Strukturen, d'Gesetz vun '99 iwwert d'Police an zu gudder Lescht och nach d'Gemeengegesetz. Als Intro ginn ech lech vläicht just kuerz e puer Informatiounen zum historeschen Hannergrond vun der Psychiatrie hei zu Lëtzebuerg.

1880 krut Lëtzebuerg dat éischt Gesetz iwwert de Placement vu geeschteg gestéierte Persounen. Ee Gesetz, dat sech largement un der Gesetzgebung vun 1850 respektiv och vun 1873 vun eise belschen Nopere inspiréiert hat. Bal 100 Joer ass un deem Gesetz do dunn näischt méi geännert ginn, bis 1970, wou allerdéngs och nëmmen e puer kleng Ännerungen iwwert de Besëtz vun internéierte Leit virgeholl goufen. 1988 gouf dunn eng méi wesentlech Reform virgeholl, zum Beispill gouf d'Wuert „aliénés“ duerch „personnes atteintes de troubles mentaux“ ersat. Dat deemools schonn an der Optik, fir deem Ganzen deen negativen Nogoût, dee leider hautdësdays och nach ganz oft den Domän Psychiatrie huet, ewechzehuelen.

Bei där Reform deemools gouf och den Accent op de Kranke geluecht an net méi op d'Gesellschaft, wéi dat bis dohinner war, déi misst geschützt gi géint een, dee sech net de Normen entspreichend behëlt. Et gouf och d'Recht vum Patient festgehal, verstärkt a sengem Milieu habituel ze bleiwen, an datt, wann eng Hospitalisatioun onëmgängelech gëtt, déi soll doropshi schaffen, datt déi concernéiert Persoun erëm an hiren „normalen“ Milieu reintégréiert gëtt. Dëst nëmme kuerz als Informatioun zur Geschicht.

Fir déi Leit, déi sech méi genau iwwert d'Evaluatiounen vun der Psychiatrie informéiere wëllen, verweisen ech op d'Detailer am schrëftleche Rapport respektiv op den Exposé des motifs vun dësem Projet de loi, mä awer natierlech och op d'Rapporté vun de Professereren Dokter Häfner a Rössler.

Wat soll elo awer prezis duerch dëse Projet de loi 5490 passéieren? Ma en ass éischstens emol néideg ginn duerch d'Dezentralisatioun vun der Psychiatrie, déi jo bekanntlech den 1. Juli d'lescht Joer a Kraaft getrueden ass. D'Gesetz ass och geschriwwen an der Optik, datt Leit an engem Etablissement spécialisé betreit ginn. Dat huet sech jo elo geännert, esou datt verschidden Termë vum Gesetz ebe musse geännert respektiv dem allgemenge Spidol musse ugepasst ginn. A fir vläicht nëmmen ee Beispill erauszehuelen nennen ech den Directeur de l'établissement, deen Term muss ersat ginn duerch de Responsable vum Service de Psychiatrie.

Da soll en Etablissement spécialisé jo nëmmen nach Patienten ophuelen, déi eng lännger Zäit musse behandelt ginn. Den initiale Placement, deen akuten also, dee gëtt jo elo an engem allgemenge Spidol gemaach. Och dëst muss am Text vum Gesetz geännert ginn.

Dëst zu den Ännerunge vum Gesetz vun '88, ouni elo op all Artikel am Detail anzegeen.

Beim Police-Gesetz vun '99 gëtt een Artikel ersat, an zwar den Artikel 37. De Buergermeeschter kann elo net méi säi Pouvoir de placement op d'Police delegéieren, dat ënner anerem well zënter der Fusioun vu Gendarmerie a Police déi territorial Kompetenz vu Buergermeeschter a Police net méi onbedéngt déiselwecht sinn.

Verschidde Kadere bei der Police kréien och elo hei selwer e Recht, Persoune placéieren ze loossen, an et gëtt och dovunner profitéiert fir Situatiounen, an deenen déi verschidden Autoritéiten e Placement froe kënnen, nach méi prezis ze definéieren. Dat fir Abusën an déi eng, mä awer och an déi aner Richtung ze vermeiden. Hei ass déiselwecht Definitioun geholl ginn, déi am Artikel 73 vum Gemenge-Gesetz festgehalen ginn ass.

A wa mer dann elo beim Gemenge-Gesetz sinn, da gëtt beim Artikel 73 de leschten Abschnitt ewechgelooss, dee sech erledeg huet. Et stoung do, datt de Procureur

misst Bescheed gesot kréien, wann eng Persoun placéiert gëtt. Dat steet allerdéngs schonn am Gesetz vun '88, an zwar datt innerhalb vun 48 Stonne muss informéiert ginn, esou datt deen Abschnitt sech domat erledegt huet an een en elo sträiche kann. Dat kuerz zum Inhalt vum Projet de loi.

Zur Prozedur: Nodeems de Projet vum Minister fir Gesondheet, dem Här Mars Di Bartolomeo, den 12. Juli 2005 an der Chamber déposéiert gouf, ass en de 29. September vum selwechte Joer an der Kommissioun virgestallt ginn, an et gouf och dovu profitéiert, fir an där Réunioun mech als Rapportrice vun dësem Projet de loi ze designéieren. Et goufen Avisë gefrot, notamment vum Collège médical, deen der Meenung ass, datt dëse Projet de loi eng wichteg Etapp an der Dezentralisatioun vun der Psychiatrie ass, an datt e weist, wéi wichteg d'Gesellschaft de Respekt an d'Fräiheet vu psychesch kranke Persounen hëlt.

Zu deenen eenzelnen Artikelen huet de Kolleeg vun den Doktere keng speziell Remarquë gemaach, anescht wéi de Statsrot, deen a sengem Avis vum 4. Juli dëst Joer de Problem opwerft vun der Nature juridique vun der Décisioun vum Placement, de Mënscherechter an och der Dignitéit vun de betraffene Persounen. E weist och nach eemol op d'Mineuren hin, déi vun engem Placement betraff sinn, an en ënnersträicht och, datt dës Froe mussen a spéidere Gesetzesprojete geregelt ginn.

Eng Vue, déi och d'Kommissioun deelt, well wéi Der am schrëftleche Rapport kënnst liesen, huet och d'Kommissioun sech net nëmmen heiriwwer, mä iwwer weider Problemer am Beräich Psychiatrie Gedanken gemaach, an d'Kommissioun war och der Meenung, datt nach aner Schrëtter mussen nokommen.

Mir sinn dunn awer vum Minister informéiert ginn, datt den Aarbechtsgrupp „Psychiatrie“, dee chargéiert gouf, d'Reform vun der Législatioun concernant de Placement - eng Reform, déi dorops erausleeft, de ganzen Text ze ersetzen -, hir Aarbechten esou wäit fäerdeg huet, an datt nach, wann net alle Stricke reißen, virun der grousser Vakanz kéint en neien, vill méi detailléierten an explizite Projet de loi fäerdeg sinn.

Zréck elo awer zu de Remarquë vum Statsrot, déi mer an eiser Réunioun vum leschten 19. Oktober diskutéiert hunn a wou Der och all Detailer am schrëftleche Rapport erëmfant, esou datt ech nëmmen op déi gréisser Remarquen explizit elo wäert hei agoen.

Beim Artikel 1.5 proposéiert de Statsrot en neien Abschnitt ze maachen. Eng Propos, déi och vun der Kommissioun esou ugeholl gouf, wéi Dir dat och am Texte coordonné gesitt.

Da mécht de Statsrot och drop opmierksam, datt am Artikel 3 Alinea 2 keen Délai drasteet an deenen d'Etablissementer sech mussen den Normes architecturales ënnerwerfen a seet awer, datt esou en Délai senger Meenung no vu Wichtigkeet ass. No Diskussiounen an der Kommissioun hunn d'Memberen decidéiert, hei awer net op de Wee vum Statsrot ze goen, well déi Gebaier an Etablissementer, déi no der Dezentralisatioun en place gesat goufen, souwiso deenen Normen entspreichen.

E mécht awer weider drop opmierksam am selwechten Artikel, datt hei e Renvoi op den Artikel 20 vum Gesetz vun '88 gemaach gëtt, dee senger Meenung no onnéideg ass. E schléit also vir, deen ewechzeloossen, an hei war d'Kommissioun dann och darselwechter Meenung.

Beim véierten Abschnitt ass d'Kommissioun och dem Avis vum Conseil d'État nogaang, deen de Renvoi op de Paragraph 2 vum Artikel 5 als superfétatoire ugesäit.

Beim Punkt 5 maache se dräi Observatiounen, purement rédactionnelles, déi d'Kommissioun och esou unhëlt, ënner anerem aus dem Wuert „patient“ eng „personne concernée“ ze maachen, vu datt et sech hei ëm en éischte Placement handelt, an datt mer nach net solle vun engem Kranke schwätzen.

Beim Punkt 9 mécht de Statsrot drop opmierksam, datt an der Version coordonnée vum Gesetz vun '88 keen esou een Tippfeeler dran ass, deen duerch dëse Projet

de loi soll adresséiert ginn. Leider kann hei d’Kommissioun dem Conseil net follegen, well am Text, deem am Mémorial publizéiert gouf, dee Feeler tatsächlech dran ass.

Beim Artikel II iwwerhëlt d’Kommissioun d’Proposition de texte vum Conseil d’État, fir déi richteg Terminologie, déi d’Police betrëfft, ze gebrauchen.

Da gëtt déi Héich Kierperschaft awer och ze bedenken, datt eigentlech déi zwielf Stonne Gewahrсам, vun deenen hei Rieds ass, net méi opportun sinn, vu d’Dezentraliséierung vun der Psychiatrie. Hei allerdéngs war d’Kommissioun anerer Meinung a se mengt, datt a verschiddene Situatiounen et néideg ass heirop zrëckzegräifen, an datt dëst kee Widersproch zur Dezentralisatioun duerstellt.

Zu gudder Lescht proposéiert de Statsrot och den drëtten Alinea vun dësem Artikel ze sträichen, well am Gesetz vun ’88 schonn d’Pouvoir vum der Police drastinn a se eben net nach eemol solle widerholl ginn. Hei war dann och d’Kommissioun därselwechter Meinung.

Beim drëtten a leschten Artikel vun dësem Projet de loi, deem als But huet, den Artikel 73 vum Gemeengegesetz ze ersetzen, mécht de Statsrot drop opmierksam, datt de leschten Alinea vum Artikel 73 net iwwerholl gouf, dee seet, datt de Buergermeeschter oder Schäffen dem Procureur innerhalb vun dräi Deeg muss Avis ginn. E mengt, datt dat awer fir déi concernéiert Persoun wichteg ass, ausser wann den Artikel 5 genuch Garantië gëtt. Genee dësen Avis war d’Kommissioun, esou datt mer hei net op de Wee vum Statsrot gaange sinn.

Als lescht Remarque zum Projet de loi gëtt proposéiert, den drëtten Alinea vum Artikel 73 ze suppriméieren. Déi Mesure, déi hei viséiert gouf, kann zur vollster Zefriddenheet och vun der Police gemaach ginn. Dat heescht am Kloertext, datt de Buergermeeschter oder Schäffen hei erausbleift, an dës Meinung deelt dann och d’Kommissioun.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, no dësen Erklärungen an Avisen an Diskussiounen natierlech an der Kommissioun ass de schrëftliche Rapport de leschten 30. November ugeholl ginn, unanime an eiser Réunioun. Dat gesot soen ech lech fir de Moment emol Merci. Ech kéim dann herno nach eng Kéier am Numm vu menger Fraktioun op dëse Projet de loi zrëck.

Merci fir d’Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Dall’Agnol. Als éischte Riedner ass ageschriwwen den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers!

Discussion générale

» **M. Paul-Henri Meyers** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d’éischt wëll ech der Rapportrice, der Madame Dall’Agnol, villmools Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee ganz ausféierlech d’Situatioun beschriwwen huet wéi se haut ass, deen och agaangen ass op déi Rapporten, déi mer kritt hunn, an deen och Weeër opgewisen huet fir d’Zukunft. Ech brauch dofir net am Detail iwwert den Text vun haut ze schwätzen, deen, obschonn en neie Gesetzesprojet a kierzester Zäit komme soll, trotzdem noutwendeg ass, fir der jëtzege Situatioun vun der Dezentraliséierung Rechnung ze droen a fir och déi sougenannt Zwangsaweisung an decentral Institutiounen ze erlaben, wat bis elo net méiglech war.

Ech kann elo schonn direkt soen, dass meng Partei mat deem heite Projet d’accord ass an dass se en och wäert stëmmen. Allerdéngs huet d’Regierung mat dem Gesetzesprojet der Chamberskommissioun eng Rei Dokumenter matginn, ënner anere d’Planungsstudie vum Professer Rössler vum Juni 2005, d’Recommandatioun Rec(2004) vum Ministerrat vum Europarat an d’Deklaratioun vun Helsinki.

Wann een déi Dokumenter opmierksam liest, da kann een doraus déi allgemeng Zilsetzung fir déi psychiatresch Soinen hei zu Lëtzebuerg erauskristalliséieren. An ech mengen déi Dokumenter sollen och bei der

Ausschaffung vum nächste Projet grëndlech gekuckt ginn. Si sollen och deem Projet zugronn leien, well si ginn eigentlech déi allgemeng Gronddirektiven, wéi an Zukunft d’Soinë vun der Psychiatrie, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä och an Europa, auszerichte sinn. Ech wëll net am Detail op déi Texter agoen, mä ech mengen et sinn awer e puer Punkten, déi et verdéngen, dass ee se méi kloer ervirsträicht.

Ech denken do haaptsächlech un dräi Punkten:

Deen ee Punkt huet d’Rapportrice schonn ugeschnidden, dat ass d’Recht vun deem, deen déi Soinë brauch.

Zweetens ass et d’Schafung vun deenen néidegen Institutiounen, fir de Leit déi Soinen ze ginn.

An da wëll ech besonnesch och nach ee Wuert soen iwwert d’Qualitéit vun deene Soinen an iwwert d’Soinë fir d’Mineuren.

Fir d’éischt d’Recht. Déi Dokumenter, déi mer kritt hunn, insistéieren drop, dass och déi Persounen, déi psychiatresch Traitementen brauchen, Rechter hunn. Si insistéieren op d’Noutwendegkeet, dass déi Bénéficiairen déiselwecht Rechter hu wéi all aner Persounen, dass déi Persounen och mussen an der Dignitéit behandelt ginn, dass se mussen respektéiert ginn, an dass se och eng Unerkennung mussen kréie fir dat Recht sech behandelen ze loossen, esou wéi och all aner Kranken. Well de Fait, dass se sech behandle mussen loossen, ergëtt sech aus enger Krankheet, an dat muss een dee Moment och als Krankheet unerkennen.

Wann een déi Texter ëmsetze wëllt, da muss ee sech mat deene puer Punkten, déi ech virdrun ugeschnidden hunn, auserreesetzen, an da muss ee Léisunge fannen zu deene Froen, déi do gestallt sinn.

Dat Éischt ass, dass een déi Rechter unerkennt, dass een déi Décisiounen, besonnesch am Zesummenhang mat enger Zwangsaweisung, och am Sënn hält wéi all aner Décisiounen geholl ginn, wann een enger Persoun en Deel vun hirer Fräiheet hält, well mir wëssen, wann haut een am penale Beräich eng Strof kritt, wou hien en Deel vu senger Fräiheet geholl kritt, dann ass dat mat ganz grouse Garantien ëmginn. D’Verfassung huet eng Rei Regele virgesi wéi dat muss gehandhaabt ginn. Or, hei kréie Persounen aus Krankheetsgrënn en Deel vun hirer Fräiheet ewechgeholl.

D’Madame Rapportrice huet mat Recht gesot, dass an der Vergaangenheet déi Décisiounen mat der Motivatioun geholl gi sinn, fir d’Gesellschaft ze schützen. Et huet een awer déi eenzel Rechter vun där Persoun net genuch gesinn. Au contraire sinn déi Persounen dobause stigmatiséiert ginn a si sinn an e Licht gestallt ginn, wat haut an enger Gesellschaft, déi d’Mënscherechter héichhält a respektéiert, net méi toleréiert gi kann.

Duerfir muss een och, wann déi Décisiounen geholl ginn, se ëmgi mat de Kritäre vun Objektivitéit, vu Proportionalitéit, fir dass och déi Mesure, déi geholl gëtt, proportionell ass zu deem, wat ee fir deen Eenzelnen, an deem sengen Intérêt se geholl gëtt, erreeche wëllt. Wat och nach wichtig ass, datt ass den Zäitraum wou se muss geholl ginn. Déi Mesure kann net méi laang dauere wéi et noutwendeg ass. An dass se geholl gëtt am Intérêt vun där Persoun selwer a gegebenenfalls, wann et am Intérêt général wier, wéi gesot ginn ass, fir d’Gesellschaft ze schützen, dass een dat och muss beweisen, an dass och d’Motivatioun an déi Richtung geet, dass déi Mesure net iwwert déi Zäit kann erausgoen, wou et noutwendeg ass.

Wat besonnesch wichteg ass, a wat och aus dem Projet selwer an aus den Dokumenter ervirgeet, dat ass, dass déi Décisioun, déi geholl gëtt, vun enger Instanz muss geholl ginn, déi kompetent an onofhängeg ass. Et gëtt geschwat dat misst en Tribunal sinn. Dat muss net onbedéngt de Fall sinn, well et ass ganz sécher, wann déi Décisioun geholl gëtt, wann ee kompetent Leit seet, da mussen och Dokterer e Wuert kënnen matschwätzen, also muss ee sech iwwerleeën, wien déi Décisioun huele kann. Et kann op jidde Fall net esou sinn, dass déi Persounen, déi herno zoustänneg si fir den Traitement, gläichzäitig och déi Décisioun huele kënnen. Et muss een also kucken, iwwer wéi ee Wee dass een do déi Indépendance fir d’Zukunft garantéiere kann.

Wann een d’Rapporten noliest, da kréie mer och am Rapport Häfner gesot, zu Lëtzebuerg wier d’Zuel vun deenen, déi iwwert déi Aart a Weis an eng Institutioun kommen, déi also internéiert ginn, relativ héich par rapport zu deenen aneren europäesche Länner. Dat muss engem dann

natierlech ze bedenke ginn, an da muss ee sech d’Fro stellen, ob net hei heiansdo ze wäit gaange ginn ass, dass also vläicht méi Leit vun deene Mesurë betraff si wéi et normal noutwendeg wär.

Den zweete Punkt, deen ech uschneide wollt, ass dee vum Recht op en Traitement, esou wéi all anere Kranken och. Ganz sécher hu mer zu Lëtzebuerg eng ganz wäit gefächert Offer vu Méiglechkeeten, vu Versuerungsstrukturen, dat gëtt och an de Rapporten unerkannt. Allerdéngs steet am Rapport Rössler, dass een de Gesamtplang e bësse vermësst, dass een net gesäit, wéi eigentlech déi Mesuren an déi Institutiounen zesummenhänken a wéi een do eng Koordinatioun ka maachen. An ech mengen, do wier et awer un der Regierung, fir ze probéieren eng besser Koordinatioun vun deene Mesuren ze erreechen.

De Rapport bedauert och, dass et eenzel Méiglechkeeten zu Lëtzebuerg net gëtt, ënner anere déi vun der Schafung vun de sougenannte Foyers médicalisés. Meng Fro wier duerfir un den...

Här President, wann den Här Glesener seng Fro gestallt huet, da kann ech meng och un de Minister stellen.

(Hilarité)

Ech wollt den Här Minister froen: Am Rapport Häfner geet Rieds vun de Foyers médicalisés, et gëtt bedauert, dass et déi Foyeren zu Lëtzebuerg net gëtt. Gëtt et dofir eng Ursaach? An, ass och geduecht, fir déi Foyeren an Zukunft ze schafen, an dee Moment d’Versuerungsméiglechkeete vun deene Persoune weider auszedeihen?

En drëtten Punkt ass d’Qualitéit vun deenen Hëllef, déi mer deene Leit ubidden. Et mussen kompetent Persoune sinn, déi d’Soinë maachen. Ech mengen, et ass an der Vergaangenheet dofir gesuergt ginn, dass esou Leit do waren.

Wat awer nach ëmmer felt, dat ass Qualitéitsmanagement. Ech mengen, et wier och wichteg, net nëmmen an deem Beräich, mä allgemeng gesinn am Gesondheetsberäich, fir ze kucken, wéi dann d’Qualitéit vun de Soinen an all deene Beräicher do ass, Här Minister.

Dat ass wichteg bei der Fleegeversécherung an dat ass och wichteg an deem heite Beräich. De Kranken huet e Recht op eng gutt Qualitéit vu Soinen, an ech mengen och déi hei Leit hunn e Recht op eng gutt Qualitéit vu Soinen.

Allerdéngs stellt dann awer direkt d’Fro sech vun der finanzieller Situatioun a vun deene finanzielle Mëttelen, déi zur Verfügung gestallt ginn. An der Vergaangenheet sinn déi Soinë virun enger Rei Joren iwwert de Budget vum Stat gelaf. Si lafen elo iwwert d’Krankekeesen.

Duerfir wier meng Fro un de Minister, dass, wat an där Etüd gefrot gëtt, och déi privat ugebuede Soinen an Zukunft vun der Krankekeess sollte bezuelt ginn, an ob mer eis dann awer net mussen grëndlech iwwerleeën, wat déi Soinë kaschten? Muss do net eng Etüd gemaach ginn, fir dass een och gesäit, wéi d’Krankekeesen an Zukunft be-laascht ginn? Dass et noutwendeg ass, ass ganz sécher. Mä et muss een awer wëssen, wéi déi finanziell Mëttele beschaaft kënnen ginn an ob se duerginn an ob se richteg ugewannt ginn am Intérêt vun deene Kranken.

Ee leschte Punkt ass d’Betreiung vun de Kanner a vun de Jugendlechen. Zënter dräi Joer ass am Hôpital de Kirchberg eng Sektoun mat 15 Better, wou déi Betreiung ka gemaach ginn. Allgemeng gëtt där Sektoun beschäinegt, dass se eng gutt Aarbecht géif maachen. Mir hunn och dëser Deeg kënnen liesen, dass och am CHNP zousätzlech Better geschaaft si ginn.

Meng Fro un de Minister: Besonnesch bei deene Jugendlechen a bei de Kanner ass et wichteg, dass do déi richteg Soinen ugewannt ginn. Et gëtt gesot, mir bräichten zousätzlech Plazen, fir déi Betreiung ze maachen. Wa mer deen definitive Projet an deenen nächste Méint kréien, géif ech mer erhoffen, dass och besonnesch iwwert deen dote Punkt eng Ausso gemaach géif ginn, dass een och géif gesinn, wéi vill Plaze gebraucht ginn a wéi och déi Soinë fir déi Jugendlech, wa se aus dem Spidol erauskommen oder aus där Betreiung an engem akute Spidol, kënnen weidergeféiert ginn, well déi si ganz sécher net domat ofgeschloss.

Dat sinn e puer Iwwerleeungen, Här Minister, déi ee ka maachen. Et kann een der nach vill maachen, wann een déi Rapporten hei liest. Ech mengen, wann Dir Äre Projet presentéiert an deenen nächste Méint, misst een déi Diskussioun ausdehnen, esou wéi ech et hei ugedeit hunn, an net nëmmen déi hei Punkten, mä och all

déi, déi an deenen Dokumenter opgeworf sinn, misst een dee Moment verdéiwen, an et misst ee kucken, wéi een déi psychiatresch Hëllef hei zu Lëtzebuerg weiderbréngt.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Meyers. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Wagner. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

» **M. Carlo Wagner** (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir befaassen eis haut mat engem Gesetzesprojet, deen eng Rei vun Ännerungen am Beräich vun der Psychiatrie hei zu Lëtzebuerg virgesäit, méi genau gesot, wat dee sougenannte Placement vu Patienten oder nach besser gesot vun deene concernéierte Leit mat psycheschen Troublë betrëfft. Et handelt sech haaptsächlech ëm Prezisiounen, wéi esou e Placement soll vollzu ginn, ënner wéi enge Konditiounen dat och soll geschéien.

D’Rapportrice, d’Madame Dall’Agnol, där ech vun där heiter Plaz wëll Merci soe fir dee ganz ausféierleche Rapport, ass schonn, géif ech soen, op alleguerten d’Punkten agaangen, esou dass ech net méi brauch alles ze widerhuelen.

De Projet de loi schreift sech awer och an de Kontext vun der Dezentralisatioun vun der Psychiatrie hei am Land an, déi vum Rapport Häfner ufanks der 90er Jore préconiséiert gouf, an déi vum Rapport Rössler, d’lescht Joer mengen ech war et, evaluéiert ginn ass.

Mir haten an der Vergaangenheet, dat heescht d’lescht Joer, schonn zweemol hei an der Chamber, an zwar am Mäerz d’lescht Joer beim Projet de loi iwwert den Établissement public vum CHNP an am November bei enger Heure d’actualité d’Méiglechkeet, fir op déi Problematik anzegoen.

All Riedner ware sech eens, an ech sinn iwwerzeegt, si sech och haut nach eens, dass et ebe muss hei am Land zu engem Mentalitéitswiessel a Saache Psychiatrie kommen. E Mentalitéitswiessel, deen d’ailleurs, dat wëll ech awer och hei ënnersträichen, mat där progressiver Dezentralisatioun scho largement entaméiert ginn ass.

Haut wëlle mer psychesch Kranker net méi als Stéierfacteur an der Gesellschaft betruechten oder brandmarken a se aus der Gesellschaft ausklammern, andeem mer se, wéi dat fréier geschitt ass, an eng zoue Struktur wëlle stiechen.

En Etablissement, wéi dat zu Ettelbréck laang Zäit eent war, ass selbstverständlech absolut net méi zäitgeméis - och, an dat soll een awer och ënnersträichen, wann do während ville Jore ganz vill a gutt Aarbecht geleescht ginn ass.

Dat Ettelbrécker Etablissement huet awer, an dat wësse mer och alleguerten, eng, wat ech géif mengen, pejorativ Connotatioun mat sech geschleeft, an e Patient, deen do passéiert ass, deen huet ganz oft laang Zäit dee berühmte Stempel op der Stier misse mat sech droen, well et sech zu Ettelbréck während Jorzéngten ëm dat, wat ech géif nennen, e sougenannte Fourre-tout gehandelt huet.

Duerfir war et ëmsou méi wichteg, mat der Dezentralisatioun nei Akzenter ze setzen, am Numm vum enger Désigmatisatioun vun alle Betraffenen. Dës Dezentralisatioun gouf d’ailleurs am Spidolsplang aus dem Abrëll 2001 lancéiert, an deem véier Hôpitaux généraux Psychiatrie-Service fir d’Cas-aiguën unerkannt kritt hunn.

De Plan hospitalier gesäit och vir, fir den CHNP zu enger neier oder enker Rehabilitatiounsstruktur ze maachen. Heiranner, dat muss ech awer soen, muss den CHNP ouni Zweifel nach weider encouragéiert ginn.

Ech wëll och drun erënneren, dass scho viru Joren envisagéiert ginn ass, dass den CHNP soll nei Infrastrukture bauen, Infrastrukturen, fir déi d’ailleurs scho Fonge virgesi sinn. Ufanks sollten déi, wa meng Erënnerunge richteg sinn, no bei den CHL kommen, duerno war et geplangt, dass déi no bei d’Déifferdenger Spidol kommen. Ech géif de Minister gäre froen, wat dee leschte Stand wär an där Saach - wéi mer haut also dostinn.

Während där leschter Legislaturperiod sinn also am Beräich vun der Rehabilitatioun schonn eng ganz Rei Effortë gemaach ginn. Grad ewéi och am Beräich vun der Déhospitalisatioun.

Däerf ech drun erënneren, dass beispillsweis an där leschter Legislaturperiod zwëschen 1999 an 2004 de Budget fir d’Psychiatrie extrahospitalière ëm 80% an d’Luucht gaangen ass - dat heescht vun 3,8 op 6,9 Milliounen Euro -, dass d’Plazen

an deene betreitene Logementer oder sou-
genannten «Logements encadrés» ëm
41% an d’Luucht gaange sinn op 107 Uni-
téiten, an dass an den Atelier-thérapeuti-
quen d’Plaze méi wéi verduebelt gi sinn, an
zwar op 260 Unitéiten.

Et bleiwen awer trotz all deenen Effortë vum
deene leschte Joren - an den Här Minister
kann eis vläicht och soen, wat an deene
leschten zwee Joer als Continuation vum
der ugefaangener Aarbecht erfollegt ass -
doudsécher nach Efforten ze maachen am
Beräich vun der extrahospitalière Be-
treiung hei zu Lëtzebuerg. An et bleiwen
och nom Vote vun dësem Projet de loi eng
ganz Rei vu Froen op.

Sou, an den Här Meyers hat et och schonn
ugeschwat, beispillsweis d’Fro vun der Au-
toritéit, déi iwwert de Placement décidéiere
soll. Mir wësse jo, dass et am Ausland um
europäeschen Niveau eng ganz Rei Be-
striedungne gëtt, fir ze soen, dass dee Pla-
cement misst enger Autorité judiciaire ën-
nerstoen. Ech froe mech awer, ob mer do
richteg leien. Och dat ass scho vum Virried-
ner ugeschwat ginn. Wa mer dovun aus-
ginn, dass e psychologeschen Trubel en
fait e medezinesche Problem ass, sinn ech
awer éischter der Meenung, dass do miss-
ten d’Medeziner agräifen, an dass also
d’Medeziner, an haaptsächlech d’Psychia-
teren, déi kompetent Leit misste sinn, fir do
d’Soen ze hunn, wat de Placement ube-
laangt.

Dëse Projet, esou wéi scho gesot, behan-
delt deen dote Sujet net. Et handelt sech
awer ëm eng, géif ech soen, ganz funda-
mental Fro, där ee sech muss stellen. An
ech kann nëmmen hoffen, dass déi Kom-
missioun, déi chargéiert ass och un deem
dote Sujet ze schaffen, esou schnell wéi
méiglech wäert zu hire Konklusiounen kom-
men.

Eng aner Fro, Här President, ass d’Fro vum
Isolement vun de placéierte Leit, och d’Fro
vun onfräiwëllegen Traitementer, déi selbst-
verständlech och hei zu Lëtzebuerg mus-
sen duerchgefouert ginn, an net zu Lescht
awer vun deene betraffene Mineuren. Den
Här Meyers huet d’éinescht schonn hei er-
virgestrach, dass mer effectivement zënter
Joren am Hôpital de Kirchberg ee Service
hu fir d’Psychiatrie vun den Adolescenten.
Ech wëll dozou bäifügen, dass mer och
zënter Joren esou eng Unitéit am CHL
hunn, wat d’Psychiatrie infantile ubelaangt,
mä et stellt sech awer haaptsächlech nach
ëmmer d’Fro vun enger ganzer Rei vu lët-
zebuergesche Kanner, déi mussen am Aus-
land behandelt ginn, well et sech do ëm
Froen handelt vun Traitementer de longue
durée.

Do kann ech mech och erënneren, dass
emol driwwer geschwat ginn ass, driwwer
diskutéiert ginn ass, ob mer net missten hei
zu Lëtzebuerg déi néideg Infrastrukture
schafen, fir esou Traitementer hei zu Lëtze-
buerg ze erlaben, verbonne selbst-
verständlech och mam Enseignement; dat
heescht, mat der Formatioun fir déi betref-
fend Leit. Wëssend, dass dat selbst-
verständlech och budgetär Inzidenzen
huet, wär et awer interessant vum Här Mi-
nister gewuer ze ginn, wéi mer an deem
Dossier weiderkomm sinn.

Här Minister, Dir hutt hei virun eppes méi
wéi engem Joer gesot, dass am Sënn vun
der Continuité des soins an der Psychiatrie
selbstverständlech misste genuch Struktu-
ren zur Verfügung stoen, an dass an nächs-
ter Zukunft weider Hôpitaux de jour a Pla-
nung oder an de Bau géife goen. Wou sti
mer haut an där doter Problematik?

Dir hat och deemools versprach, dass
d’Psychologie als Gesondheitsberuff sollt
definéiert ginn, an dass och d’Mise en
charge vun enger Rei, dat heescht, vun
deenen Aktivitéiten, déi een als noutwen-
deg ugesäit, missten envisagéiert ginn.

Dir hat och deemools gemengt - a richte-
gerweis, géif ech soen -, et dierft net bei
där héijer Suicidérat hei zu Lëtzebuerg blei-
wen, notament wat déi Jugendlech ube-
laangt, an dass een déi Saachen net dierft
einfach op d’Säit schubsen, mä dass ee
misst kucken, fir déi am Beräich vu multi-
disziplinärer Approche unzepaken. Wéi
wäit si mer doranner weiderkomm?

Finalement wëll ech awer och net vergies-
sen, fir hei op eeg, vläicht net nei, mä trotz-
deem op eng Gesellschaftsproblematik an
der Psychiatrie hinczewisen, déi an de
leschte Joren ëmmer méi Jonker trëfft; ech
schwätze vun der Anorexie a vun der Buli-
mie. Wéi si mir do zu Lëtzebuerg équipéiert
fir déi Krankheeten, déi leider och an den
extreme Fäll bis zum Doud féieren? Wéi si
mer hei zu Lëtzebuerg équipéiert, fir deene
Problematike Meeschter ze ginn?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären,
dat sinn eng Rei vu Froen, déi ech och wollt

hei an de Raum werfen, wou ech hoffen,
dass ech vum Minister déi néideg Erklä-
rungne wäert kréien, well esou wéi den Här
Meyers et ganz, ganz richteg gesot huet:
Selbstverständlech mussen och déi Leit
mat psychiatresche Problemer déi néideg
optimal Betreiung hei zu Lëtzebuerg kréien.

Ech widderhuelen nach eng Kéier: Et ass
an deem Domän an der Vergaangenheet
scho ganz, ganz vill geschitt. Dofir verstinn
ech déi Leit net, déi heiansdo behaupten,
mir géifen ëmmer hannendru lafen, oder et
wär e komplette Vide, wat d’psychiatresch
Betreiung hei zu Lëtzebuerg géif ubelaan-
gen. Et kann héchstens op déi Onkenntnis
vum Dossier zrëckzeféiere sinn. Mä mir
sinn eis awer alleguerten och bewosst,
dass een an esou engem komplizéierten a
spezifischen Domän wéi deem dote muss
progressiv virgoen, an dass sech och
wäerte mat der Zäit nei Problematike stel-
len, deenen een da muss versiche Meesch-
ter ze ginn.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an
Dir Hären, ginn ech heimadder selbst-
verständlech den Accord vun der demokra-
tescher Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Wagner.
D’Madame Dall’Agnol huet d’Wuert.

» **Mme Claudia Dall’Agnol (LSAP).** -
Här Minister, Här President, léif Kolleegin-
nen a Kollegen, 27% vun allen Erwuesse-
nen an der EU leiden all Joer u souge-
nannte psychesche Krankheeten. Dës
Krankheete sinn och zu engem gudden
Deel dru schold, dass all Joer ëmmerhin
58.000 Mënschen an der EU hirem Liewen
en Enn setzen. Verschidden Etüde gi sou-
guer dovunner aus, dass d’Depressioun am
Joer 2020 déi heefegst Krankheetsursaach
iwwerhaapt wäert sinn.

Dës Zuelen, déi d’Europäesch Kommis-
sioun d’lescht Joer am Oktober am Kader
vun hirem Gréngbuch iwwert d’psychesch
Gesondheet publizéiert huet, sinn drama-
tesch, well se eis weisen, dass d’Psychiatrie
eis alleguerte betrëfft. Well wa méi wéi all
Véierten heivunner a sengem Liewe wäert
beträff sinn, dann ass dat och sécher een
aus all Famili. An duerfir muss et d’Aufgab
vun der Politik sinn, eng Psychiatrie ze ën-
nerstëtzen, déi no bei de Leit ass, mä déi
awer och - an dat ass schonn e puermol
ugeschnidde ginn - effizient ka schaffen.

Zanter Juli d’lescht Joer ass dann och an
der Dezentraliséierung e Schritt an déi
richteg Richtung, menger Meenung no, ge-
maach ginn, well eben hei net méi den
CHNP zu Ettelbréck, mä elo véier allge-
meng Spideeler zoustänneg sinn, fir déi
Akutpsychiatrie ofzedecken. De Professer
Rössler, deen 2005 jo fir d’Regierung déi
Etüd iwwert d’Déhospitaliséierung an d’De-
zentraliséierung gemaach huet, bewäert
dës Etapp op alle Fall ganz positiv, grad
wéi och den Ausbau vun de Plazen an den
Dageskliniken, d’Jugendpsychiatrie um
Kierchbierg an dann neierdéngs jo och zu
Ettelbréck.

Dernieft huet de Professer Rössler dann
awer och op eng ganz Partie Problemer hi-
gewisen - eenzelner sinn och de Mëtte vu
menge Virriedner hei scho genannt ginn -,
vun deenen ech op alle Fall hoffen a glee-
wen, dass d’Regierung gewëllt ass, se kon-
sequent unzegoen. Et feelt zum Beispill u
vollzäit betreitene Wunnstrukturen, dat wat
een «Foyers médicalisés» nennt.

D’WHO, d’Weltgesondheetsorganisatioun,
recommandéiert do, dass 0,3 bis 0,5 Wunn-
plazen op 1.000 Awunner kommen. Lëtze-
buerg kënnt awer grad emol op 0,25.
D’Konsequenz ass fir vill betrafte Leit dra-
matesch, well vill chronesch Kranker lan-
den, dem Professer Rössler no, an de
Strukture fir Sans-abri oder gehéieren zu
den etleche Laangzäitpatienten zu Ettel-
bréck.

D’Nosuerg an d’Nobetreiung schéngen iw-
werhaapt e grousse Problem ze sinn. Fir
awer d’Patienten net komplett aus hirem
Ëmfeld ze rappen, wann et net wierklech
néideg ass; fir se erëm eng Kéier an den -
ënner Gänsefüßchen - „normalen Alldag“
anzeglidderen, gëtt et zënter 2001 jo de
SPAD, «Soins psychiatriques à domicile»,
dee jo och ënnert der Leedung vum CHNP
fonctionnéiert.

Ech wëllt an deem Zesummenhang, mä
och generell, nach eemol betounen, wéi
wichtig et ass, fir dezentral Strukturen ze
schafen. Et soll een, wann et nëmmen ier-
gendwéi méiglech ass, betrafte Leit mat
Problemer do traitéieren, wou d’Problemer
sech stellen, nämlech an hirer sozialer
Struktur, an hirem Ëmfeld, hirer Famili res-
pektiv och bei hirer Aarbecht. Si musse
léieren, sech deem ze stellen, wat se krank

mécht, well anescht ass et nëmme ganz
schwéier hinnen ze hëllefen.

Wéi steet et awer elo mam Ausbau vun
deem SPAD? Ech hunn deslescht en Inter-
view vum Professer Rössler gelies, wou en,
wéi esou oft, eng Rei gutt Aussoe gemaach
huet. E gouf zum Beispill drop ugeschwat,
datt jo vill Kritik lassgetrëppelt gouf, well
eenzel Träger respektiv Associatiounen den
Ausbau vun esou Servicer ënnert dem
CHNP fäerten. Hie gouf als Äntwert, dass
mer hei zu Lëtzebuerg jo elo net kéinten
esou maachen, wéi wa guer näischt géif
bestoen, mä dass d’Realitéit déi ass, dass -
ëmmer nach dem Professer Rössler no -
mer mam CHNP 600 Mataarbechter a Ma-
taarbechterinnen hunn, wouvun d’Hal-
schant Statsbeamtinnen a -beamte sinn, an
datt een déi net einfach mir näischt, dir
näischt vun haut op mar kann u Privatträger
verméttelen.

Wann ech mer heizou nach eng perséin-
lech Remarque dierf erlaben, dann ass et
déi, dass mer och hei zu Lëtzebuerg net ëm-
mer solle probéieren, d’Rad erëm nei ze er-
fannen. Am CHNP si Leit mat laangjäreger
Erfahrung, déi wëssen aus wat hir Aarbecht
besteet, déi och d’Strukturen hunn, déi ee
brauch, fir effizient ze schaffen. Ech sinn
der Meenung, dass mer hei net, wéi et zu
Lëtzebuerg nach vill ze vill oft de Fall ass,
parallell datselwecht sollen opbauen, well
jiddferée mengt, e kéint et e bësse besser
maachen.

Mir solle probéieren, déi Leit, déi um Thema
schaffen, an déi alleguer eng gutt an och
eng wäertvoll Aarbecht maachen, alleguer
zesummen un den Dësch ze bréngen an no
Léisungen ze sichen, wéi mer...

(Interruption)

...- ganz wichteg - am Sënn vum Patient
kënnen déi Strukturen uechtert d’Land a fir
jiddferéen accessibel opbauen an ubid-
den.

Hei geet et ëm d’Gesondheet vun de Leit,
an doriwwer eraus awer och ëm d’Nohal-
tegkeet vun eisem Gesondheetssystem,
well et dierf een net vergiessen, dass finale-
ment d’Allgemengheet d’Käschten och vun
esou Parallelstrukture géing droen. Duerfir
ass en Ëmdenken an der Politik, beim Per-
sonal an och bei allen Träger an dese
Strukturen onëmgängelech. Bei der Zwangs-
aweisung huet dese Mentalitéitswiessel jo
scho stattfonnt, wéi de Projet de loi 5490,
dee mer haut wäerte stëmmen, et jo och
weist.

Lëtzebuerg gehéiert awer - an dat gouf de
Mëtten och scho vum Här Meyers hei gesot
- zu deene Länner, déi en héije Prozentsaz
un Zwangsaweisungen hunn. Laut dem
Professer Rössler sinn an Europa d’Geset-
zer awer an deem Punkt relativ ähnlech,
just d’Zuelen eben anescht. D’Fro muss
also erlaabt sinn, wat hei zu Lëtzebuerg
respektiv och an der Schwäiz, déi iwwre-
gens ähnlech héich Chifferen huet wéi mir
an der Zwangsaweisung, eben anescht ass
wéi bei eisen Noperen.

A wa mer déi Fro elo net esou direkt kënn
beäntwerten, da muss zumindest eent sé-
cher sinn, an dat ass d’Prozedur. Mir mus-
sen als Législateur garantéieren, dass all
betraffene Mënsch - fir emol net vu Patient
hei wëllen ze schwätzen - d’Méiglechkeet
huet, Asproch géint seng Aweisung ze
erhiewen a vun engem Riichter gehéiert ze
ginn.

De Projet de loi, dee mer haut stëmmen,
geet jo och schonns an déi dote Richtung,
datt mer hei no 1988 nach eemol prezis
soen, wien zoustänneg ass fir de Place-
ment vu Persoune mat enger psychescher
Stéierung. An deem Sënn géing ech lech
nach eng Kéier Merci soe fir d’Nolauschte-
ren, a ginn och den Accord vun der LSAP-
Fraktioun zum Projet de loi 5490.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Madame
Dall’Agnol. Den honorabelen Här Huss huet
elo d’Wuert.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här
President, Dir Dammen an Dir Hären, ech
wëilt och der Rapportrice hei Merci soe fir
hiren Exposé, an och fir hir zousätzlech
Erläuterung, déi se elo hei gemaach huet,
och mengen anere Virriedner, virun allem
dem Här Paul-Henri Meyers, iwwert déi
Saachen, déi en hei gesot huet, a mat
deene mir komplett kënnen d’accord sinn.
Dat gesot, brauch ech dofir keen Historique
méi hei ze maache vun der Entwécklung
vun der Psychiatrie, dat ass jo och op dë-
ser Tribün scho méi wéi eng Kéier gemaach
ginn.

Wann een dese Projet de loi, deen elo hei
virläit, soll qualifizéieren, da géif ech soen,
datt am Moment heimadder net terribel vill

geschitt. Et ass jo am Fong just eng Upas-
sung un déi nei Spidolsstrukturen, un déi
véier Spideeler, wou elo soll placéiert ginn.
Deen heiten Deel ass also eng relativ kleng
Reform, mä mir hu jo versprach kritt, dass
nach virum Summer engersäits eng Kom-
missioun, déi schonn ageruff ass, sech
drëm këmmert, fir konkret Virschléi fir de
Placement ze maachen, an dass mer dann e
Projet de loi hei an d’Chamber kréien, bei
deem mer dann d’Geleeënheet wäerten
hunn, méi intensiv a méi laang doriwwer ze
diskutéieren. Mir begrëissen, dass dat dann
esou schnell soll geschéien; nach virum
nächste Summer hoffentlech.

Et geet also dobäi haaptsächlech ëm d’Fro
vun der Neidefinitioun vun de Konditiounen
vum Placement, wien d’Recht soll hunn ze
placéieren, an och iwwert d’Konditiounen
vun deem Placement. Mir si selbstverständ-
lech der Meenung, esou wéi den Här Paul-
Henri Meyers, dass dee Mënsch, dee psy-
chesch krank ass, d’Recht muss hunn,
éischtens, ugesinn ze ginn als e Kranken,
deem muss gehollef ginn, an zweetens,
datt e muss d’Recht hunn op wierklech
adequat Soinen a senger Situatioun.

Well trotzdem dass dee Mënsch, dee pla-
céiert gëtt, sech de Moment jo an enger
schwéierier psychescher Kris befënnt, mat
méiglecherweis aggressiven Zich, déi do-
madder verbonne sinn, wou en da muss
viru sech selwer geschützt ginn, oder wou
déi aner virun him musse geschützt ginn,
bleift dee Mënsch awer e Mënsch an huet
doduerjer och Menschenwürde. An ech
mengen, dass mer eis jo och do kënn be-
ruffen, engersäits, net nëmmen op de Rap-
port vum Här Rössler, mä awer och op dee
rezente Bericht vum Conseil de l’Europe,
wou och exzellent Recommandatiounen
drastinn, wéi ee méiglechst human Place-
mentsprozedure soll kënn schafen.

Dat alles, wéi gesot, si gréisser Diskus-
siounen wa mer de Projet da selwer kréien,
oder och scho virdrun an der Kommissioun;
ech huelen u scho virdrun an der Kommis-
sioun.

Ech wollt awer nach eppes hei soen, wat an
dëser Diskussioun bis haut nach net gesot
ginn ass, dass ass: Et gëtt hei nëmme ge-
schwat vun der Prise en charge vun deem,
deen an déi Kris do erageroden ass an
deen da soll placéiert ginn. Et gëtt ge-
schwat vu gudde Soinen, déi e muss
kréien. Dat ass alles richteg an dozou sti
mer och. Ech mengen, do gëtt et keng Dif-
ferenz zwëschent de Parteien.

Wat mer awer e wéineg an der Diskussioun
feelt, dat ass e Volet, dee mer soss awer
ëmmer an allen anere Beräicher vun der
Medezin uschwätzen, nämlech de Volet
vun der Preventioun. An ech wëll dozou e
puer méi grondsätzlech Iwwerleeungen hei
maachen, well souguer wa mer dann am
Summer eventuell e vill bessert Gesetz
kréien, wat méi human Placéierungskondi-
tiounen schaaft am Intérêt vun de Betrafte-
nen, da bleibt awer nach ëmmer d’Fro op,
firwat et zu deene Placementer muss kom-
men, firwat dass et och - et ass hei d’Fro op-
geworf ginn - hei a Lëtzebuerg souguer zu
méi heefege Placementer kënnt wéi dat am
Ausland de Fall ass.

Wat sinn d’Haaptursaachen dann, déi zu
esou Situatiounen féieren? Doriwwer, men-
gen ech, misst een awer och e wéineg kën-
nen Opschloss ginn. D’Fro dofir un de Mi-
nister: Här Minister, wat fir eng Statistike
ginn et haut hei zu Lëtzebuerg, déi eng Ur-
saachefuerschung betreffen? Wat hu mer
do als Donnéeën, firwat et zu Situatiounen
vun esou psycheschem Stress kënnt, dass
et zur Eskalatioun kënnt, an duerno och zur
Kris? Déi Kris, déi dann herno zu enger Pla-
céierung féiert.

Well déi Placéierung selwer, oder déi Kris,
an där dat geschitt, ass jo am Fong just den
Endpunkt vun enger individueller Entwéck-
lung, déi sech ganz lues a lues mécht, déi
sech lues a lues opschaukelt an déi dann
an engem gewëssene Moment d’Faass
zum Iwwerlafe bréngt, wou et dann zum
Ausbroch vun där Kris kënnt. An et muss jo
duerfir Ursaache ginn.

Ursaache kann ee sech ganz liicht afale
loossen. Ass et beispillsweis: Situatiounen
vu psychesch gestresste Leit, wann dann
och nach Alkoholafloss derbäikënnt, oder
eventuell Drogen derbäikommen? Dat
kënnt jo esou eng Ursaach sinn.

Gëtt et doriwwer Analysen, déi gemaach gi sinn? Ass et zum Beispill esou, datt d'Ofsenke vun der Hemmschwell duerch Alkoholmëssbrauch zur Aggressioun féiert, datt dat wierklech eng vun den heefegste vun esou Krisesituatiounen ass? Oder wat fir eng aner Ursaache gëtt et nach?

Gëtt et Zuelen zum Beispill iwwert de Rôle vu Stress a Mobbing a schlëmme Situatiounen op der Aarbechtsplaz, déi dee Mënsch wierklech an eng Situatioun vun Isolatioun a wierklech psycheschem Disstress gestach hunn?

Gëtt et Analysen an der Ursaachefuerschung? Gëtt et spezifesch sozial Ursaachen? Oder gëtt et spezifesch sozial Milieuen, an deene méi heefeg placéiert muss ginn, wéi an aneren? Oder geet dat queesch duerch all sozial Schichten? Wéi grouss ass zum Beispill och de Rôle vun negativem Disstress a vu Sträit a vu Konfliktsituatiounen an der Famill? Gëtt et dozou Analysen?

Gëtt et eventuell méi allgemeng gesellschaftlech Ursaachen oder kulturell Ursaachen? Zum Beispill, datt sech hannert deem schéine materielle Glitzerschäin an der Konsumwelt, an där mer dra liewen, vläicht immens vill mënschlech Isolatioun, vill Ängschten a vill ongeléist Konflikter verstoppen? Gëtt et Analysen doriwwer?

Gëtt et Ursaachen, déi zur Stresseskaliatioun a schliesslech zur Kris an zu aggressiver Gewalt beispillsweis féiere kënnen? Gëtt et do keng Relatiounen och zum Beispill mat engem Faktor, deen eis ganz staark an der Preventioun interesséiert, zum Beispill der Ernährung? Et ass jo bei Kanner a bei Jugendleche bekannt, datt d'Junkfood a schlecht Ernährung zu Obésitéit féieren. De Problem ass awer, datt net nëmmen d'Obésitéit eng Folleg ka si vun enger schlechter Ernährung, mä et gëtt Etüden, déi ganz kloer nowisen, datt och neurologesch an neuropsychiatresch Konsequenze kënnen duerch eng schlecht Ernährung bewierkt ginn, zum Beispill Iwwerreizbarkeet, Iwwerregbarkeet, Aggressivitéit an esou virun.

An ech wëll do just zwou Etüden aus Prisongen zitéieren, eng aus England an eng aus den USA, wou se Experimenten gemaach hu mat gesonder Ernährung par rapport zu dem normale Kascht, dee se an de Prisonge kréien. Abee, déi gesond Ernährung huet dozou gefouert, datt an deem Grupp, dee kontrolléiert ginn ass, 37% manner Aggressivitéit a manner Gewalttätgeket war wéi an deem aneren. Et ass also nëmmen, fir dat ze weisen.

Aner Ursaachen, déi och vläicht missten erfuerscht ginn, wann een iwwer Preventioun schwätzt, wier den Apport vun duerchschnéttleche Belaaschtungen mat Bläi beispillsweis oder mat aneren Ëmweltbelaaschtungen, well och do gëtt et Étude-scientifiques, déi weisen, datt et scho bei ganz niddrege Blut-Bläi-Gehalter net nëmmen zu engem méi niddregen Intelligenzquotient, mä och zu méi Aggressivitéit an zu méi Gewalt bei Kanner a bei Jugendleche ka kommen, a mir si jo haut an enger Gesellschaft, wou permanent, och nach an deene leschte puer Woche geklot gëtt iwwer zounehmend, heiansdo sënnslos Gewalt vu Jugendleche beispillsweis.

An deem dote Kontext wëll ech hei nach relevéieren, wat elo viru kuerzem an der Press presentéiert ginn ass, nämlech de Rapport vun 2006 vum Ombudsmann fir d'Rechter vun de Kanner. Wann een do e puer Zuelen eraushëlt, wéi déi vun de psycheschen Erkrankungen, vun deenen d'Madame Dall'Agnol gesot huet, datt se ronn all Véierten an Europa betreffen, da muss ee sech och emol déi heiten Zuele virun Aen halen, wat hei Kanner scho mat psycheschen Erkrankungen zu Lëtzebuerg ubelaangt.

Hei steet dran, datt beispillsweis am Joer 2005 467 Kanner a Jonker hospitaliséiert gi sinn zu Lëtzebuerg oder am Ausland weinst Troubles du psychisme et troubles du comportement. An do sinn zwéi Beispiller, dat ass net zum Beispill nëmmen Alkoholmëssbrauch, mä och Troubles de l'adaptation avec anxiété et humeur dépressive, Toxicomanie grave, Sevrage an esou virun.

Am Service pédopsychiatrique vum CHL sinn am Joer 2005 2.611 Kanner an de

Consultatiounen gewiescht, wat weist, datt schonn am jonken Alter bei de Kanner déi psychesch Problemer och ëmmer méi zouhuelen, an da muss ee sech jo vläicht folgend Gedanke maachen: Wann dat esou ass, datt dat am Kandsalter schonn amgang ass esou zouzehuelen, da misst sech jo logescherweis dorausser erginn, datt d'Gefor besteet oder de Risque zumindest besteet, datt déi Kanner oder déi Jugendleche herno och am Erwuessenenalter eventuell de Risque hu vu psycheschen Erkrankungen, wat dann natierlech och de Risque vu méi Placements mat sech bréngt als Konsequenz.

Dat heescht, all déi Saachen hänken zesammen, an esou richteg et ass dovun ze schwätzen, datt mer wierklech e gutt organiséierte Soin vun deene Leit mussen organiséieren an hinnen hir Dignitéit erhalen an hinne mussen duerch de Soin hëllefen, esou wichteg ass et gradesou an eisen Aen, och an deem Beräich vun der Medezin, an der Psychiatrie a bei psycheschen Erkrankungen iwwert d'Preventioun vun esou Krankheeten nozedenken; ze kucken, wou d'Ursaache leien, an dann ze kucken eenzel Pisten anzegoen, wéi een dat ka léisen.

Dat, wat ech hei soen, ass iwwregens eppes, wat zum Beispill d'Weltgesundheitsorganisatioun an hirer Konferenz vun 2004 zu Budapest och ugeschwat huet a wou elo op deem Niveau Analysen iwwert déi dote Problematike lafen.

Dat gesot, wollt ech dee Volet vun der Preventioun awer och hei erabréngen, well bis elo nach net doriwwer geschwat ginn ass an dat a mengen Aen awer e ganz wichtige Problem ass.

Dat gesot, ass natierlech kloer, datt mir kee Problem hunn, esou wéi meng Virriedner dat hei gesot hunn, fir dee Projet hei ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Huss. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt och e Wuert vu Merci un d'Rapportrice Claudia Dall'Agnol.

Ech mengen, Här President, et sinn der nach e puer heibannen, déi virun enger Rei vu Joren an der Santéskommissioun waren, wéi mer zu Ettelbréck eng Visite gemaach hu vum CHNP, eng Visite, wou mer am Fong alleguer deemools doriwwer schockéiert waren, wéi mer do déi Strukture virfonnt hunn.

Ech weess den Datum net méi genau, weini datt et war datt mer do waren, mä ech ka mech erënneren, datt déi Visite kuerz nom Fall vum Ceaușescu-Regime a Rumänien war, an déi Zäit hu mer op der Televisioun, an de Medien, Biller dovunner kënnen gesinn, ënner wat fir enge miserabele Konditiounen an deem Land Kanner an Erwuesener a Strukturen agepfercht waren, ënner Konditiounen, déi onmënschlech waren.

Zu Ettelbréck hu mer d'Gefill gehat, wéi mer deemools do waren, datt eis dat staark an déi Situatioun erënnert huet, déi mer do am Fernseh gesinn hunn, a mir waren och duerfir alleguer schockéiert doriwwer, mä mir waren eis eestëmmeg eens, datt mer missten do staark Remedur hei am Land schafen.

Et ass eng Zäitchen, wou et gedauert huet, bis mer de Wee hei fonnt hunn, fir en Ëmdeanken an der Psychiatrie hei am Land ze bréngen. Am Fong mam Spidolsplang hu mer véier Strukture kritt, an den Här Minister huet mer virdru gesot, datt mer am Fong an de feste Strukturen eng Zäitche bis 1.500 Leit haten, an datt déi haut erfogaange sinn ënner 100, wat beweist, datt an deene vergaangene Joren...

(**Interruption**)

Jo, jo!

...erfogaange sinn, esou datt dat also beweist, datt an deene vergaangene Joren hei am Land viles an deem doten Domän geschitt ass.

Mir hunn niewent deene Spideeler eng ganz Rei vun Etablissementen, vun Haiser, déi där Leit ophuelen, an ech selwer hu Kontakt och mat esou Leit, déi an enger Struktur zu Fréiseng, an der Fondation Kräizbiere am Schumansbongert wunnen, wou och Leit ënnerbruecht sinn haut, déi fréier zu Ettelbréck waren, wou Leit sinn, déi do 20, 25 Joer fest agespaart waren.

Wann een haut mat deene Leit awer zesummekënnt, muss ee sech d'Fro stellen: Wéi ass et méiglech gewiescht, datt een all déi

Leit do huet missen esou laang aspären, déi awer do praktesch e ganz normaalt Liewen ënnert deenen aneren, och ënnert den Duerfleit - dat kann ee soen - kënnen féieren?

Et ass duerfir wichteg, datt mer an där heiter Fro Schratt fir Schratt weiderginn, an et ass och wichteg, mengen ech, datt mer hei am Haus eng quasi Unanimitéit an där dooter Fro hunn, datt jiddferree sech där Responsabilitéit bewosst ass, déi mer vis-à-vis vun deene Leit hunn.

Ech brauch net méi Weideres ze widderhuelen, well ech mengen, meng Virriedner hu praktesch all Voletë behandelt, bis zu der Preventioun vum Kolleeg Huss, deen dat elo grad hei virgedroen huet, wou mer musse Fortschréitter maachen. Ech mengen, mir sollen eis encouragéiere mat der Regierung, mam Minister zesummen, déi weider Schrëtt hei am Land ze ënnerhuelen, fir datt mer wierklech do eng komplett Offerte kënnen kréien, déi mënschewierdeg ass an déi sech an engem moderne Stat wéi Lëtzebuerg passend kann uwennen.

Dese Projet gesi mer als e weidere Schratt an déi Richtung, an et ass och duerfir selbstverständlech, datt en eis Zoustëmmung fënn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Och der Madame Rapportrice Félicitatiounen fir hire Rapport.

Ech ka mech am Fong nëmmen de Wieder vum Här Huss uschléissen, deen effektiv dat ervirbruecht huet, wat vergiess ginn ass, nämlech d'Preventioun. Well mer si jo ganz gutt dran, Strukturen ze schafen an alle Beräicher, wann d'Kand am Dreck ass, mä et ass effektiv esou, dass a ville Beräicher awer déi preventiv Moossnamen net spillen, an dass et och an der Preventivmedezin ganz vill nach nozehuele gëtt, fir dass et eben esou ass, dass déi Leit, iwwert déi mer elo schwätzen, guer net an déi Situatioun kommen.

A wa mer vu Psychiatrie schwätzen, do hunn ech jo schonn eng Kéier hei op der Tribün gesot, dass et ganz wichteg ass, déi psychologesch Beruffer opzewäerten, déi jo am Fong d'Virfeld sinn, ier een an déi psychiatresch Behandlung kënnt, déi d'Virfeld sinn an déi d'Verhale vun de Mënsche kënnen studéieren an och versiche Verhalensregelen opzestellen, fir ze versiche mam Mënsch selwer ze kucken, dass hien net an esou eng Situatioun kënnt.

An där Situatiounen kréie mer besonnesch bei deene Jonken hei am Land ëmmer méi. Sief et duerch den Drock, deen op se ausgeübt gëtt, och schonn an de Schoulen, wou vill deem Drock net gewuess sinn - ouni et emol ze wëssen -, wou se dann op eemol an eng Situatioun komme vun Depressionen, vun déiwer Depressioun, a wou kee Mënsch weess emol an enger éischer Phase, wou se hierkommen.

Duerfir hunn d'Schoulpsychologen eng ganz wichteg Missioun, an ech géif och soen, dass vun do och misst direkt en Usatz kommen, fir dass do scho géif vill gehollef ginn, an och an deem Beräich eng Opwäertung misst kommen. Dat heescht, de Beruff vum Psycholog muss effektiv eng aner Bedeitung kréien a muss och voll unerkannt ginn. A wat besonnesch d'Sécurité sociale ubelaangt, muss och dofir gesuert ginn, dass dann déi psychologesch Behandlung och vun der Sécurité sociale an deem Sënn rembourséiert gëtt - och wann ee privat bei de Psycholog geet, net nëmmen, wann een dat an der Schoul mécht. Ech géif mengen, dass dat seng Wichtigkeet huet.

Dem Här Huss sengen Ausféierungen ass am Fong an deem Sënn näischt bäizefügen. Deen ass ëmmer ganz explizit, wann et ëm d'Siche vun Ursaache geet, an dat ass wierklech héich ze bewäerten, dass mer een hei hunn, deen eis ganz oft op wierklech Problemer an op Ursaachen opmierksam mécht...

(**Interruption**)

...déi praktesch keen aneren iwwerluecht huet. Et ass ebe jo genee d'Ursaachefuerschung, firwat dass mer esou vill Suiciden hunn.

An dass och emol eng Kéier dat net méi als Tabu ugesi gëtt, well och dat misst eng Kéier eng Diskussioun sinn, dass dat net méi als Tabu ugesi gëtt, an dass dat emol einfach eng Kéier öffentlech diskutéiert gëtt. Dass d'Regierung och emol eng Kéier higeet an da wierklech seet, wéi vill Suicidé mer effektiv an deem Land hunn, an dass dat net esou iergendwéi a verstoppte Chifferen dorëmmer geeschtert, mä dass emol eng kloer Sprooch geschwat gëtt, wéi vill

dass mer der hunn an och wou d'Ursaache sinn.

Quitte dass, wann een elo net méi do ass, da kann een en net méi ëm d'Ursaache froen, mä dass een awer kuckt am Ëmfeld vun deene Leit, deenen dat geschitt, dass een do emol ka kucken. Do kann een d'Ursaachen eventuell gewuer ginn, an dass een dann och emol misst eng kloer Analys maachen an déi dann eng Kéier hei virdroen.

Dat wär am Fong mäin Uleies un d'Regierung, dass mer deen Tabu och eng Kéier ophiewen an dann och do esou kloer Analysen hei virleeën, wéi mer dat jo awer och an anere Saache fäerdeg bréngen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci der Rapportrice a sämtleche Riedner fir déi villsäiteg a konstruktiv Interventiounen zu engem ganz wichtige Thema: d'Psychiatrie, d'Reform vun der Psychiatrie, d'Weiderféierung vun der Reform vun der Psychiatrie.

Et ass richteg gesot ginn, dass deen heite Projet, iwwert dee mer haut diskutéieren an ofstëmme wäerten, u sech méi e klenge Projet ass, deen awer d'Konsequenz vun enger wäit reechender Reform ass, där vun der Dezentraliséierung vun der akuter Psychiatrie, an de Virreider vun enger weiderer méi wäit reechender Reform ass, der fundamentalen Reform vun der Placementsprozedur.

Fir dass keng Équivoque opkënnt: D'Reform vun der Psychiatrie huet eng Rei vu Pappen, an do soll een, mengen ech, och net eleng d'Vaterschaft beusprochen. Et ass ugaange mat dem Rapport Häfner ënnert mengem Virgänger, dem Johny Lahure. Et ass weidergaang ënnert deene successiven anere Regierungen. De Carlo Wagner huet eng Rei vu wichtige Elementer vun där Reform évoquéiert, a si wäert nach esou bal net fäerdeg sinn.

Ech wëll awer drop insistéieren, dass ee vun deene fundamentaalste Voleten, déi mer an deene leschten zéng, 20 Joer gemaach hunn, dee vun der Dezentraliséierung vun der akuter Psychiatrie ass. Et ass richteg, dass en am Spidolsplang vun 2001 enthale war. Et ass richteg, dass déi verschidde Servicer virgesi waren.

Et ass awer gradesou richteg, dass an deene leschten zwéi Joer d'Implementatioun vun där Dezentraliséierung gemaach ginn ass, wat - an ech soen lech dat esou wéi et ass - keng einfach Saach war. Bis 2005 hate mer een Hauptzentrum, den CHNP, deen eigentlech - et ass virdru gesot ginn - fir alles zoustänneg war, niewent de Réseauen. Vun 2005 un hu mer eng Dezentraliséierung an eng Aufgabendeelung mat enger Rei vun akuten Haiser, véier un der Zuel, déi Hauptspideeler, déi mer am Moment hunn: Dat ass de Saint-Louis zu Ettelbréck, dat ass de Kierchbiere, dat ass den CHL an et ass de CHEM zu Esch.

Dat war keng einfach Aufgab. Mir hunn et fäerdeg bruecht duerch vill gudde Wëlle vun alle Betreffenen, vum CHNP, awer och vun deene Leit, déi um Terrain dat doten hu misse realiséieren. A wann een haut ka soen, dass een akut psychiatresch kranke Mënsch duerch déiselwecht Dier vun deemselwechte Spidol kann eragee wéi een, deen en Aarm gebrach huet oder wéi een, dee soss eng Krankheet huet, dann ass dat eng fundamental Reform, där hir Tragwäit een net genuch ënnersträiche kann.

Et geet een net méi mat engem Stigma op der Stir oder iergendwou aneschters an e Spidol. Et geet een eigentlech deeselwechte Wee wéi en anere Kranken, an esou soll dat och sinn. Net nëmmen an der akuter Psychiatrie, mä och an der Sozialpsychiatrie an och an der Rehabilitatioun solle mer déiselwecht Continuité des soins fäerdeg bréngen, wéi et haut selbstverständlech ass bei deene klassesche Krankheeten. Eréischt wa mer dat erreecht hunn, kënnen mer soen, dass mer d'Psychiatrie-Reform erfollegräich ofgeschloss hunn.

An dat geet vun deene ganz liichten Informatiounsstrukturen, wou een éischt Kontakter hält, an d'Richtung vun der Preventioun, et geet a Richtung vun der Gesondheitsförderung iwwert déi ganz akut Saache bis zu den Atelier-thérapeutiques, de Wunnstrukturen, de Foyers médicalisés, an ech vergiesse sécher e ganze Koup vun deene spezialiséierte Strukturen, déi mer am Beräich vun der Psychiatrie hunn, musse schafen oder ausbauen.

Mir konnten also den éischte Volet vun der Reform vun der Psychiatrie duerch vill gudde Wëllen um Terrain mat villen enga-géierte Leit vum Terrain iwwert d'Ronne bréngen. Ech ënnersträichen, dass vill gudde Wëllen a vill Diskussiounen a vill Be-géinunge vun där nei animéierter Plattform Psychiatrie noutwendeg waren, fir dat dote kënnen ze erreechen. Ech wëll och hei aus-drécklech deene Leit Merci soen, déi wäh-rend Stonnen, während Deeg zesumme-souzen, fir déi doten Iwwergäng méiglech ze maachen, ouni dofir och nëmmen déi geréngste materiell Unerkennung ze kréien. Dofir, moralesch Unerkennung hu se sech ganz sécher verdéngt.

Dat ass ee vun de Volete vun der Psychia-trie. Opgrond vun deem wat geschitt war huet déi jëtzeg Regierung ganz am Ufank vun der Amtsperiod de Professer Rössler beoptraagt, en État des lieux ze maachen, fir eis d'Méiglechkeet ze ginn, fir déi nächst Etappe vun der Reform vun der Psychiatrie ze plangen. Mir sinn haut esou wäit, dass mer net nëmmen de Rapport Rössler hunn, mä dass mer amgaang sinn, den Aktions-programm fir déi weider Reform vun der Psychiatrie ze finaliséieren. Mir wäerten déi wesentlechst Elementer vun där Reform, vun deem Aktionsprogramm bei der Jour-née nationale de la Santé Mëtt Januar vir-stellen, mat enger virleefeger Bilanzéierung vun deem, wat an deene leschten zwee Joer um Terrain vun der Psychiatrie geschitt ass.

Zwee, dräi Elementer, déi vläicht wichteg sinn zu dësem Zäitpunkt schonn ze soen, well se ganz wäit fortgeschratt sinn:

Éischstens hu mer fir déi weider Reform vun der Psychiatrie e wesentlechen Duerch-broch erreecht - a mir wäerten deemnächst dee Projet de loi hei op den Dësch kréien - doduerch, dass mer der Psychiatrie extra-hospitalière en zousätzlecht finanziellt Standbee ginn.

Déi Réseauen, wéi mer se haut hunn, mat deene Strukturen, déi un de Réseauen hän-ken, si bis elo bal ausschliesslech, mat Nuancen, iwwert de Statsbudget bezuelt ginn. Mir hunn et mat de Krankekeesen fäerdeg bruecht, fir deem dote Beräich vun der Psychiatrie e weidert Standbeen ze ginn, dat heescht de médicaliséierten As-pekt bei d'Krankekeesen ze rattachéieren, net alles, mä en Deel, fir dass mer d'Mëttele kréien, fir déi Réseauw weider auszebauen.

Well, et soll ee sech näischt virmaachen, wa mer doduerch, dass mer dezentrali-séiert hunn, Leit an déi akut Spideeler kréien, da féiert dat dozou, dass se manner laang an deene Strukture bleiwen a vill méi séier Relaisë musse fannen, wou se no där akuter Phas behandelt a begleet gi kënnen. Déi musse mer dofir ausbauen, an dofir brauche mer d'Moyenen, budgetär an och iwwert d'Krankekeesen. Dat ass garan-téiert.

Dann en zweet wesentlecht Element, wou muer an der Commission permanente des Hôpitaux driwwer diskutéiert gëtt, de Plan stratégique vum CHNP. De CHNP besteet weider, huet eng ganz Rei vu Strukturen, déi sech schonn dezentraliséiert hunn, mä en ass net um Enn vu sengem Wandel, brauch Perspektiven, brauch Konzepter. Déi sinn ausgeschafft ginn an déi sinn am Moment amgaang finaliséiert ze ginn.

De CHNP, an dat wëll ech ausdrécklech ën-nersträichen, huet gewisen, dass en adap-tierungsfäeg ass, well mer et an enger Re-kordzäit fäerdeg bruecht hunn, déi Struktur ze schafen, déi mer gebraucht hunn, fir feelpacéiert Jugendlecher mat psyche-schen an och Drogeproblemer kënnen aus dem Prisong erauszekréien an an eng nei Struktur eranzebréngen. Déi ass de leschte Méindeg offiziell opgaangen. An do muss ech soen: Unerkennung fir déi Leit, déi dat doten zesumme mat allen Instanzen, mat der Justiz, mat dem Kolleeg Luc Frieden, deen dat matgedroen huet, mat dem Ju-gendrichter a mat all deene Partner, déi ronderëm sinn, konnten op d'Bee setzen. Zwee weider Foyere wäerten dës Struktur ergänzen.

Also e weidert Element vun der Reform vun der Psychiatrie, de CHNP, dee seng Plaz muss fannen. An ech soen dat esou, wéi ech dat denken: Wa mer et fäerdeg brén-gen, an deenen nächste fënnef Joer - ech nennen emol eng Iلسetzung, et brauch ee jo ëmmer Iلسetzungen - dee grouse Ba-detti, dee mer nach do stoen hunn, d'Heichhaus vum CHNP zu Ettelbréck, dat Symbol vun der Psychiatrie aus fréieren Zäiten ofgebaut kënnen ze kréien, dann hu mer och mat engem CHNP mat enger neier Ausstrahlung ze dinn, dee sécher seng Plaz an der reforméierter Psychiatrie huet a se och wäert behalen.

Am Débat sinn eng Rei vu Froe gestallt ginn. Ech wëll schnell dorop agoen. De

Foyer médicalisé gehéiert zum Concept stratégique vum CHNP, a mir hunn de Go gi fir d'Gebaillechkeeten, fir en éischte Foyer médicalisé anzerichten. Et wäerte weiderer nokommen, mä de Plan stratégique muss awer nach genehmegt ginn.

Qualitéitsmanagement ass selbstverständ-lech, an der Psychiatrie wéi an alle Beräi-cher vun der Gesondheet absolut noutwen-deg. Dat ass eppes, wou mer eis schwéier-dinn, fir dat ze maachen, mä et ass onerlässlech, e Benchmarking, wou ee be-reet ass, sech deem ze stellen, a virun al-lem Transparenz, fir dass en éclairéierte Patient do ka goen, wou en am beschte be-handelt ka ginn.

Ech mengen ech hu scho virdrun op déi Fro geäntwert wéi mer zousätzlech Budgetë kënne bereetstellen.

Evaluatioun, selbstverständlech, dat geet an dat Viregt eran.

D'Strukturen, déi mer brauchen - an do sinn eng Rei vu Riedner drop agaangen - fir d'Jugend, fir d'Kanner. D'Jugendpsychia-trie hu mer um Kierchbiereg, se fonction-néiert exzellent a gëtt ergänzt duerch en Hôpital de jour. D'Kannerpsychiatrie am CHL ass am Bau a wäert 2008 zur Verfü-gung gestallt ginn. An da musse mer effek-tiv dee Bilan maache mat de Krankekeesen zesumme vun de Pathologien haaptsäch-lech bei Kanner a bei Jugendlechen, déi am Moment an d'Ausland ginn, déi awer vläicht besser, méi sënnvoll, méi effikass hei zu Lëtzebuerg kéinte behandelt ginn, wa mer déi noutwendeg Strukturen hätten. Och doru schaffe mer am Intérêt vun deene Betraffenen an hire Familien.

Et ass virdru gesot ginn, dass mer eng ganz Rei vun Akteuren um Terrain hunn, déi alleguer extrem gutt Aarbecht leeschten, déi awer nach besser Aarbecht leeschten, wa se dat net an engem konkurrenzuelle Geescht gesinn, mä wa se zesummeschaf-fen. Et däerf keen den Usproch hunn, fir e Monopol ze hunn an deem heite Beräich, mä mer mussen et fäerdeg bréngen, fir eng exzellent Continuité des soins ze kréien do-duerch, dass och d'Akteuren alleguer be-reet sinn, mateneen ze schaffen, a virun al-lem alleguer och bereet sinn, sech a Fro ze stellen a sech op nei Erausfuerderungen anzustellen. Dat ass net ëmmer esou evi-dent.

Nach ganz kuerz op déi Froen, wat mer wëlles hunn an deene Beräicher, déi hei zu Lëtzebuerg nach net esou systematesch couvréiert ginn, wéi Anorexie, Bulimie an aner Krankheeten. Dat geet an déi Rich-tung eran, wou ech lech gesot hunn, dass mer kucken ze bilanzéieren, wou déi gréisste Besoinë si vun deene Persounen, déi am Moment an d'Ausland ginn, an ob mer sënnvoll Strukturen, déi da besser, méi sënnvoll behandele kënnen, opbaue kën-nen.

Preventioun vum Suicide, do leeft an der Zwëschenzäit e Projet...

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Et gëtt nach aner Krankheeten, wou psychesch Er-krankungen drënnerfalen.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Jo, selbstverständlech.

Preventioun vum Suicide, do leeft an der Zwëschenzäit e gudde Projet tëschent Santé an der Ligue d'Hygiène mentale.

Coups de cloche de la Présidence)

Ech kommen zum Schluss, Här President.

» **M. le Président.** - Et gëtt Zäit.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Et leeft, wéi gesot, e gudde Projet tëschent der Ligue d'Hygiène mentale an der Santé.

Zur Preventioun ass alles gesot ginn. Ech deelen déi Meenung. Och an eisem Beräich muss deem Rechnung gedroe ginn, wat d'Haaptursaache fir Aliwwerunge sinn. Dat sin d'Dependenzen aller Zort, Psychosen, Déprimen, akut Suicidegefor, an an an.

Als leschte Saz, Här President, wëll ech soen, dass dat heite Gesetz e klenge Bau-steen ass fir déi Reform vun der Psychia-trie, an dass e weidert wesentlecht Element a Preparatioun ass. Do ass den Aarbechts-grupp, deen ech sengerzäit agesat hunn, schlësseg ginn a senge Propositionen, dat heescht d'Propositione leien um Dësch fir déi fundamental Reform vun der Placementsprozedur mat Contrôle juridique a Rekursrecht fir de Patient.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Dat ass awer e laange Saz, dat do, Här Di Bartolomeo.

(Hilarité)

Är Zäit ass elo zwou Minutten ofgelaf. Et gëtt elo Zäit, dass Der zum Schluss kommt.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Oh, meng Zäit ass nach esou bal net ofgelaf, Här President...

(Hilarité)

» **M. le Président.** - Är Riedezäit.

(Interruption et hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir kënnen elo un d'Schreiw vum Gesetz goen. Ech wëll lech net den Dag nennen, weini dass de Projet presentéiert gëtt, mä ech mengen, dass dat fir d'nächst grouss Vakanze prett wäert sinn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Vill-mools Merci, dass Der mer esou laang no-gelauschtert hutt.

» **M. le Président.** - Mir kommen elo zur Ofstëmmung vun dësem Projet de loi. De Vote fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5490 ass mat 59 Jo-Stëm-men, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abs-tentioun ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Fran-çois Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Du-val), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Die-derich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5543 iwwert d'Verbidde vum Verkaf vun Alkohol u Jonker ënner 16 Joer. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si bis elo ageschriwwen: déi Damme Frank an Dall'Agnol an déi Häre Krieps, Huss, Mehlen a Jaerling. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, an dat ass och an dësem Fall déi honorabel Madame Claudia Dall'Agnol.



2. 5543 - Projet de loi portant interdiction de la vente de boissons alcooliques à des mineurs de seize ans

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. Déi Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5543 huet als But, d'Vente vun Alkohol u Jugendlecher ënner 16 Joer ze verbidden. Dëst iwwerall, dat heescht och a virun allem a Butteker, Supermarchéen an och op Tankstellen.

Firwat ass awer dëse Projet de loi elo néi-deg? Ma, well et bis elo hei zu Lëtzebuerg nom Gesetz vun '89 iwwert de Régime des cabarets wuel esou eng Interdictioun gouf,

mä déi beschränkt sech drop, datt nëmmen an Débits de boissons keen Alkohol u Ju-gendlecher ënner 16 däerf verkaaft oder awer och offréiert ginn. Am Kloertext heescht dat, datt bis elo zwar kee Jugend-lechen ënner 16 Joer am Café huet däerfen Alkohol drénken, mä awer bal iwwerall soss es huet däerfe kafen, an esou och de Schutz vum Jugendleche virum Alkohol net gewährleescht war.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Kee Wonner also och, datt den Alkoholkon-sum bei jonke Leit en ëmmer méi grouse Problem duerstellt, an datt den éischte Kontakt mam Alkohol an engem ëmmer méi niddregen Alter stattfënn.

Eng Etüd vun 2003, déi hei zu Lëtzebuerg realiséiert gouf, bestätegt déi Tendenz, well ëmmerhi laut där Etüd 68,2% vun den 13-Jährege schonns Alkohol konsuméiert hunn. Där Etüden, där et der iwwregens iw-erall queesch duerch Europa eng ganz Rei gëtt, beweisen dat praktesch iwwerall. Gewosst ass och wat fir eng Follegen esou en iwwerméissegan Alkoholkonsum huet, besonnesch eben an deem jonken Alter, wou de Kierper nach am Wuessen ass an den Organismus dee Moment och nach be-sonnesch vulnérabel ass.

Datt Designerdrinks oder och Alcopops, wéi mer se nennen, eng grouss Gefor duer-stellen, dat ass jo och net eréischt säit gëschter bekannt. Dofir hu mer jo och dann ufanks vun dësem Joer eng Tax op d'Vente vun dësem Gedrénks agefouert.

Och international ass de Fléau Alkohol bei Jonker bekannt an e gëtt och thematiséiert, sief et beim Conseil vun der Unïoun 2001, wou eng Recommandatioun erausgoung d'Situatioun ze belichten an ze kucke wéi ee géint dee Phenomeen kéint virgoen. An och 2004 gouf als Konkclusioun ugeholl, datt d'Kommissioun eng global europäesch Strategie soll unhuelen, fir dem Alkoholis-mus bei Jonker Här ze ginn.

Och erëm eng Kéier d'OMS, d'Weltgesond-heetsorganisatioun also, huet sech 2001 schonns mat deem Thema hei auserneege-sat a sech och verschidden Objektiver ge-sat, déi Der alleguerte kënn am Detail am schrëftleche Rapport ermëfannen. Ech wëll der elo nëmmen zwee hei erauspicken, nämlech den Alter, wou den éischte Kon-takt mam Alkohol stattfënn, an d'Luucht ze setzen an och ze probéieren, de Kontakt mam Alkohol op e Minimum ze beschrän-ken. Dat heescht, datt dee Jonken net iw-erall do, wou en higeet, mat Alkohol kann a Kontakt kommen, et ugebuede kritt oder et awer och ze kafe kritt. A genau hei gräift jo dann de Projet de loi, dee mer haut solle stëmmen.

D'Kommissioun war sech duerchaus be-wosst - an déi Meenung deele mer och mat de Berufskummeren, deenen hir Avisë mer gefrot haten an déi dem Projet alles an al-lem favorabel gesënnt waren -, mir sinn eis also alleguerte bewosst, datt duerch dëse Projet de loi net all d'Scheewercher am Dré-chene sinn. Am Kloertext heescht dat, mir kënnen heimadder net all Kontakt vum Ju-gendleche mam Alkohol verhënneren, mä mir kommen awer emol e gudde Schrëtt an déi richteg Richtung virun.

Et goufen an der Diskussioun och Stëmmen haart, déi gemengt hunn, datt de Verbuet vun Alkohol fir Jugendlecher just de Contraire kéint bewierken, nämlech datt de verbuedenen Alkohol ebe géif nach méi at-traktiv gi fir Jonker. Mir sollen dofir haut dëse Projet de loi stëmmen, ouni awer ze vergiessen, datt do hannendrun och muss eng Sensibiliséierung an eng Responsabili-séierung vun all den Akteure kommen, uge-faang bei deene Jonken, hiren Elteren an och dem Commerce, an datt mer och sol-len drun denken hei Campagnë fir déi Sen-sibiliséierung virzegesinn.

Wéi gesot hunn och d'Beruffschamberen, dat heescht de Collège médical, d'Chambre de Commerce, d'Chambre des Métiers an d'Chambre d'Agriculture dës Meenung gedeelt, genau wéi och de Stats-rot, deen a sengem Avis vum 20. Juni 2006 och bemierkt, datt esou e Verbuet kéint ëm-gaange ginn an datt et also och mam Projet de loi 5543 keng absolut Sécherheet vum Schutz vum Jonke virum Alkohol gëtt. Dofir schléit dann och de Statsrot d'Ausschaffe vun engem Code de bonne conduite vir.